N°42
Entrée le 27.11.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 28.11.2023
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 764123
28 NOV. 2023
A traiter par:
Copie à:

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/11/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau weiderzeleeden.**

Den 22ten November 2023 huet dat europäescht Parlament per Vott e Projet refuséiert, deen de Gebrauch vu chemesche phytopharmazeutesche Produiten an der Agrikultur bis 2030 staark reduzéiere wollt. Och sollt den Asaz vu chemesche Pestiziden an Natura 2000 Gebidder an ausgewisenen Gréngzone verbuede ginn. Allgemeng sollten eis Natur a Planzen iwwert den Asaz vu méi nohaltege Produiten besser geschützt ginn.
Och Lëtzebuerg huet iwwert de Vott vu senge 5 Representantë géint dëse Projet gestëmmt. Offiziell, laut den Informatioune vun dem ëffentleche Sender 100komma7, well vereenzelt Representanten net d'accord ware mat der ofgeschwächte Versioun vum Gesetzestext. Schlussendlech huet dëst awer mat dozou gefouert, dass d'Zukunft elo ganz ongewëss ass, well den Text och net méi an déi europäesch Ëmweltkommissioun zeréck geet.
Konträr zu dëser Entwécklung schwätzt déi nei Regierung am Koalitiounsaccord vun enger systematescher a konsequenter Ënnerstëtzung vun der Bioproduktioun, och am Sënn vun engem Schutz vun der Natur an engem méi nohaltegem Ëmgang mat eise Ressourcen. Et gëtt hei an dësem Kontext och vu Mesure geschwat, fir déi biologesch Produktioun ze ënnerstëtzen. Gläichzäiteg gëtt awer och vu Proportionalitéit bei däraartege Mesure geschwat, wou de genauen Equiliber net kloer ass, wat ëmmer Interpretatiounsspillraum zouléisst. Am Kapitel zur Durabilitéit an der Resilienz steet dann och: "*le Gouvernement promouvra une utilisation durable des produits phytosanitaires afin de garantir la préservation de la biodiversité et la protection de nos eaux de surface ainsi que de nos sources. La formation initiale et continue dans le cadre de la réduction des produits phytosanitaires sera développée et la sensibilisation à ce sujet sera renforcée*".

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi steet déi nei Ministesch zu dem Vott vu Lëtzebuerg an dem genannten europäeschen Dossier?

2. Wéi eng konkret Mesurë, nieft der Formatioun an der Sensibilisatioun, sinn zu Lëtzebuerg an dësem Kontext geplangt?

3. Wäert Lëtzebuerg sech onofhängeg vun der europäescher Entwécklung an dësem Sujet quantifizéierbar Ziler ginn?

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n° 42 vun den éierbaren Deputéierten Marc Goergen an Ben Polidori**

**1. Wéi steet déi nei Ministesch zu dem Vott vu Lëtzebuerg an dem genannten europäeschen Dossier?**

Di lëtzebuerger Regierung kommentéiert allgemeng net d'Entscheedunge vum Europaparlament, an och net vun de lëtzebuerger Europadeputéierten, déi onofhängeg vun der Regierung sinn. Op Conseilsniveau ënnerstëtzt de Landwirtschaftsministère an d'Regierung prinzipiell weiderhin de genannte Projet, och wa Modifikatiounen am Text vum Projet néideg sinn.

**2. Wéi eng konkret Mesurë, nieft der Formatioun an der Sensibilisatioun, sinn zu Lëtzebuerg an dësem Kontext geplangt?**

Iwwert d'Agrargesetz ginn eng Rei fräiwëlleg Mesuren zum Verzicht oder zur Reduktioun vu Sprëtzmëttel finanzéiert. Am «Plan d'action national de réduction des produits phytopharmaceutiques» si weider Mesure genannt.

https://agriculture.public.lu/de/pflanzen-boeden/pflanzenschutz-gesundheit/pflanzenschutzmittel-aktionsplan.html

Eng vun de Mesuren aus dem Plan d'action national ass d'Aschränkung vun de Sprëtzmëttel, déi fir d'Notzung duerch Amateuren zougelooss sinn. Dës Aschränkung gouf per règlement grand-ducal festgeluecht an trëtt den 1.1.2024 a Kraft.

**3. Wäert Lëtzebuerg sech onofhängeg vun der europäescher Entwécklung an dësem Sujet quantifizéierbar Ziler ginn?**

Lëtzebuerg huet sech 2017 mam plan d'action national de réduction des produits phytopharmaceutiques schons esou Ziler ginn.

Lëtzebuerg, den 19. Dezember 2023

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN